SIEF OCH DU EE WICHTEGEN DEEL VUN EISER HËLLEFSAKTIOUN!

D'Lëtzebuerger Jugendpompjeeën hunn sech Gedanke gemaach ewéi ee kéint d'Kanner zu Lëtzebuerg am beschten hëllefen, esou dat all Bedeelegten eng Erënnerung behält. Et louch eis um Häerz dat d'Erënnerung eppes soll si wat alldeeglech benotz ka gi vu Grouss a Kleng.

Ee 4 faarwege Bic mam Sprëtzi drop huet eis am meeschten iwwerzeegt. Esou dat mir eis d'Ziel gesat hunn mindestens 4000 Stéck, fir de gudden Zweck, bis Enn Juli ze verkafen. Um Bic ass net nëmmen eisen Numm a Moto ze gesi mee och eise Begleeder de Sprëtzi.

De kompletten Erléis geet un 2 Associatiounen di Kanner zu Lëtzebuerg ënnerstëtzen. Eis ass wichteg dat dëst Geld integral un Kanner geet fir hinnen eng besonnesch Freed ze erméiglechen.

Natierlech wäerte mir iech reegelméisseg iwwert de Verlaf vun der Aktioun informéieren. Och wäerte mir iech zu engem spéideren Zäitpunkt am Joer iwwert d'Uwendung vun der Spent an deenen zwou Associatioun opklären.

Fir de Präis vu 6 € kënnt dir esou ee Bic kafen an eis Jugendpompjeeë bei der Aktioun ënnerstëtzen. Bicker kritt dir beim Jugendleeder vun ärem Asaz Zenter oder beim regionale Jugendverband.

Mir soen iech elo schonns Merci fir är wäertvoll Ënnerstëtzung.